LW 15/3/21

Méi wéi 30 voll Tuten a Këschten

Spendenaktioun vun 1TPCM2-Schüler aus dem LTEtt zugonschte vun der Stëmm

Den Opruff vun de Schüler war e Succès.

Ettelbréck. Am Kader vum Fach „GEPRO – S'initier à la planification de projets" hu 6 Schüler vun der 1TPCM2 sech entscheet, duerch hire Premières-Projet Spende fir d'Stëmm vun der Strooss ze sammelen. Duerch déi, ënner anerem Corona-bedéngt, schwéier Zäiten, hu vill Leit hiren Daach iwwert dem Kapp verluer.

Fir hiren Deel dozou bäizedroen, fir dës Leit ze ënnerstëtzen an hinnen ze weisen, datt si net eleng sinn, huet sech dëse Schüler-Grupp am November op Hollerech bei d'Stëmm vun der Strooss begi fir sech e klengen Abléck an hir Aarbecht ze verschafen.

Am Januar hunn si dunn ee Spendenopruff un déi ganz Schoulcommunautéit adresséiert an zesumme konnten si méi wéi 30 grouss Tuten a Këschten Hygiènesartikelen, Decken a Kleeder un d'Stëmm vun der Strooss spenden.

LtEtt Lycée technqiue d'Ettelbruck via mywort.lu